**Gemeinsam Äentwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch a vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°6305 vum Deputéierte Fred Keup iwwwert den Armustrisiko vu Famillje mat Kanner.**

**1)**

D'Erstelle vun engem Referenzbudget (budget de référence) an d'Berechnung vum Aarmutsrisiko sinn zwee verschidden Exercicen déi opgrond vu jeeweils ënnerschiddlechen Berechnungsmethoden an Critère gemaach ginn, an dofir och net mateneen vermëscht kenne ginn. Deemno kann een net soen wéi de Käschtepunkt vun engem Jugendlechen, esou wéi en am Referenzbudget opgestallt ginn ass, sech op den Aarmutsrisiko auswierkt

De STATEC publizéiert all Joer den Aarmutsrisiko (taux de risque de pauvreté) fir déi verschidden Typpe vu Stéit, wéi an dësem Tableau duergestallt

*Aarmutsrisiko jee no Typ vum Stot*

| | **2015** | **2016** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Single - Fra | 16.9 | 24.5 | 21.0 | 23.7 | 21.4 | 19.8 |
| Single - Mann | 20.7 | 23.8 | 18.0 | 17.5 | 19.2 | 17.1 |
| Single – ënner 65 Joer | 23.1 | 29.1 | 23.6 | 22.2 | 21.0 | 20.8 |
| Single – 65 Joer a méi | 10.4 | 13.7 | 10.4 | 16.0 | 18.6 | 12.1 |
| 2 Erwuessener ënner 65 Joer, keng ofhängeg Kanner | 7.5 | 10.5 | 12.3 | 9.2 | 9.5 | 11.2 |
| 2 Erwuessener, op mannst een huet 65 Joer oder méi, keng ofhängeg Kanner | 5.6 | 7.4 | 6.7 | 6.0 | 5.3 | 4.6 |
| All Stéit ouni ofhängeg Kanner | 6.6 | 12.8 | 11.9 | 12.5 | 12.0 | 12.8 |
| Famill mat engem Elterendeel | 44.9 | 46.0 | 41.4 | 39.8 | 40.3 | 35.3 |
| 2 Erwuessener mat 1 ofhängege Kand | 13.1 | 12.2 | 14.7 | 14.7 | 17.5 | 12.8 |
| 2 Erwuessener mat 2 ofhängege Kanner | 15.1 | 13.7 | 12.1 | 14.8 | 17.3 | 14.7 |
| 2 Erwuessener mat méi wéi 2 ofhängege Kanner | 23.7 | 29.6 | 24.1 | 30.8 | 35.1 | 39.6 |
| All Stéit mat ofhängege Kanner | 19.3 | 19.2 | 18.2 | 20.2 | 22.4 | 21.1 |

Quell : STATEC, Enquête EU-SILC

**2)**

D'Regierung huet iwwert déi lescht Joren e ganze Pak u Mesure geholl fir de Famillje mat Kanner ënnert d'Äerm ze gräifen, wéi z.B. gratis Kannerbetreiung (2018), gratis Schoulbicher (2018) a gratis ëffentlechen Transport (2020). Dëst Joer kommen dës Mesuren nach derbäi: Indexatioun vum Kannergeld, déi och dëst Joer wäert erfalen, gratis Betreiung an der Maison relais, mat Hausaufgabenhëllef, gratis Iessen a gratis Coursen an der Musikschoul.

Niewent dëse spezifeschen Hëllefen sief awer och drun erënnert, dass d'allocation de vie chère 2021 em 10% an 2022, tëschent 200 a 400 Euro, je no Gréisst vum Stod, gehéicht ginn ass an dass och déi

Prestatioun de Famillje mat Kanner zegutt kennt. Och am REVIS ginn et méi héich Montanten fir Famillje mat Kanner a fir elengerzéiend Eltere, sou dass och hei de Famillje mat Kanner gehollef gëtt. An sengem Rapport „Travail et Cohésion sociale" vun 2020, kennt de STATEC zur Conclusioun, dass Eltere mat Kanner, déi am Kader vum REVIS un enger Aktivatiounsmesure deelhuelen an all staatlech Hëllefe déi se zegutt hunn och kréien, e Liewen an Dignitéit féiere kennen.

**3)**

Referenzbudgete ginn a villen europäesche Länner opgestallt, richteg vergläichbar sinn dës awer aus verschiddene Grënn net:

- Net all Länner applizéieren déi selwecht Methode fir Referenzbudgeten opzestellen. Obwuel et Efforte gi si fir eng gemeinsam europäesch Method opzestellen, déi Lëtzebuerg och applizéiert, gëtt dës net iwwerall benotzt.
- Net all Länner publizéieren hir Referenzbudgeten all Joer offiziell a fir déi verschidden Haushaltstyppen
- Net all Länner hunn Referenzbudgete fir Jugendlecher entwéckelt
- Net all Länner publizéieren d'Ausgabe separat fir Kanner, mee éischter Budgeten no Typ vu Famill

De Virdeel vun europäeschen Ëmfroe wéi déi iwwer Akommes a Liewensbedingungen (EU-SILC) ass, datt se Vergläicher op europäeschem Niveau erlaben. Dëst ass d'Richtung an déi d'Fuerschung iwwert Referenzbudgete wéilt goen.

Letzebuerg, den 14. Juli 2022

D'Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen